Lëtzebuerger Guiden a Scouten

#ScoutenDoheem

# THEMA INTERNATIONALITÉIT

RaRo Lëtzebuerg

Mir proposéiere fir een internationaalt Kachbuch zesummen ze stelle wat een och mat op de Camp kann huelen. Wärend engem Mount, bis den 31.05.2020, sammele mir da Rezepter, a faassen se herno zesummen fir datt dir iech déi da kënnt eroflueden.

D'Rezepter sollen an enger Campkichen ëmsetzbar sinn, op Feier/Gas kache mer jo am meeschten. Dann wier et nach flott wann d'Rezepter liicht, villfälteg a multikulti wieren.

Dat ka vun allem sinn, vun der Entrée bis zum Dessert si mer op vir alles.

D'Rezepter sollen ënnerdeelt sinn an d'Rubricken « Entrée », « Haaptplat », « Dessert » oder och « Picknick ».

Bei ärem Plat wier et immens wann der kéint eng flott Foto dobäi setzen an och d'Quantitéiten vir 6 Léit dobäi schreiwen.

Schéckt eis se op raro@lgs.lu, mir freeën eis iwwer är Rezepter.





Lued eng Foto vun denger Aktioun op **lgs.lu/scoutendoheem** erop.